COMMUNE DE STEINFORT
50 Joer Syndicat d'Initiative
Stengefort

Den aktuellen Comité :
vu lénks no riets:
Erny DROUET
Claude SCHMITT
Charles WAGNER
Paul OSWALD
Henri DECKER - President
Nico THILL - Caissier
Fernand KASEL
Michel Clemen - Secrétaire
E grousse Merci
un all eis fréier an aktuell Mataarbechter.
Ouni hiert Engagement fir de Stengeforter Syndikat,
kéinte mir haut nit houfreg
op all dat zréckkucke
wat an de leschte 50 Joer geleescht ginn ass.

Den 28. Oktober 2016 huet de Syndicat d'Initiative vu Stengefort säi 50. Grënnungsdag gefeiert. D'Statute vum Veräin goufen den 11. Juni 1966 am Mémorial veräffentlecht.

Besonnesch frou wor de Comité dass ee vun de Grënnungsmemberen, den Här Erny Peiffer, un dëser Feier deelgeholl huet. Hie wor och den éischte President vum Syndicat an zwar vun 1966 bis 1997.

Fir dës Feier gouf eng Ausstellung zesummegestallt wou eng ganz Rëtsch vu Fotoen Abléck an d'Veräinsliewen am Laf vun de Jore ginn hunn. Do dernieft gouf eng Broschür publizéiert, wou d'Aktivitéite vum Syndicat an de leschte 50 Joer opgelëscht sinn.

Des weidere krut d'Schoulbibliothéik vu Stengefort en Don a Form vu sämtleche Publikatioune vum Syndicat aus de leschte 50 Joer iwwerreecht.

A senger Ried huet den aktuelle President vum Syndicat, den Här Henri Decker, e Réckbléck op 50 Joer schaffen am Interêt vun der Gemeng an hiren Awunner gemaach.

Mat der Zäit hunn och dem Syndicat seng Aktivitéiten sech geännert. Allerdéngs ass en Haaptpilier d'lokal Geschicht gewiescht a wäert dat och bleiwen.

Dofir kann de Syndicat och houfreg ob säin ëmfangräicht Archiv sinn, wou de Grondstee viru 50 Joer geluecht gouf, a wat permanent weider wiisst.

Dëst Archiv steet all interesséierter Persoun op, an zwar ëmmer Dënschdes tëschent 20:00 an 22:00 Auer an der aler Schoul op der Lëtzebuergerstrooss zu Stengefort.

Text: Henri Decker